

## **Parascolaire Aktivitéiten vum SNJ**

### **Sanitært Konzept**

Versioun vum 15.07.2021

Déi an dësem Dokument beschriwwen Sanitär Mesure riichten sech un ausserschoulesch Aktivitéiten déi vum Service national de la jeunesse organiséiert ginn.

#### **RESUME VUN DE MOOSSNAMEN**

- Un engem Camp, enger Kolonie oder enger Formatioun dierfen maximal 300 Persounen deelhuefen. Un enger Dagesaktivitéit dierfe maximal 30 Persounen deelhuefen.
- Baussen muss keng Mask gedroen ginn
- Bannen dierfen bis 10 Leit ouni Mask an ouni Distanz zesummen sinn ouni Covid-Check, mat engem Covid-Check fält dës Limit eweg
- Fir Formatiounen a Konferenzen ergëtt sech di maximal Unzuel u Participanten aus der Kapazitéit vum gebuchte Sall.
- Aktivitéiten mat Iwwernuechtung mussen ënnert dem Covid-Check Régime stattfannen
- Bei Iwwernuechtungen dierfen maximal **10** Leit an engem Dortoir/Zelt schlofen
- Et gi méiglechst vill Aktivitéiten dobausse gemaach
- Et ginn detailléiert Instruktiounen fir d'Responsabel an d'Animateuren.
- Fir all Jugendzenter a Chalet gëtt et en FAQ Covid-19 fir di genau Emsetzung vun de Mesuren ze définéieren

Dës Moosnamen baséieren sech op :

- d'Recommandatioun vum Ministère de la Santé vum 15. Juli 2021 « Consignes applicables à partir du 15 juillet 2021 dans le contexte de l'animation socio-éducative du secteur de l'éducation non-formelle »

## DETAIL VUN DE MOOSSNAMEN

### 1. Limit vun den Participanten

Un engem Camp, enger Kolonie oder enger Formatioun dierfen maximal 300 Participanten deelhuele.

Un Dagesaktivitéiten dierfen maximal 30 Participanten deelhuele.

### 2. Maskepflicht

#### a. Baussen

Baussen muss weder eng Mask gedroen, nach eng Distanzregel agehale ginn.

#### b. Bannen

Ouni Covid-Check kënnen bannen bis 10 Leit un enger Aktivitéit deelhuele ouni Mask an Distanzregel. Ënnert dem Covid-Check-Régime fällt dës Limit vun 10 fort.

### 3. Journal mat de Visiten

Et soll eng Tracinglëscht gefouert ginn fir nozevollzéien weieng Persounen mateneen a Kontakt waren. Virun allem wann op Campen a Kolonien Leit vun ausserhalb op Besuch kommen fir ze hëllefen. Och fir all Besuch gëllt de Covid-Check bei Aktivitéiten mat Iwwernuechtung.

### 4. Aktivitéiten mat Iwwernuechtungen:

Aktivitéite mat Iwwernuechtung sinn op max. 300 Participanten begrenzt.

Et dierfen maximal **10** Leit an engem Dortoir/Zelt schlofen

Fir un enger Aktivitéit mat Iwwernuechtung deelzehuele müssen Participanten an d'Encadranten folgend Mesuren acceptéieren:

- Bei Aktivitéiten vu maximal 2 Nuechten => Covid Check oder Schnelltest op Plaz fir kënnen deelzehuele.
- Bei Aktivitéiten vun méi wi 2 Nuechten, en zweeten Corona Schnelltest um 3. Dag. Dëst gëllt och fir Participanten deenen hieren Covid Check am Laf vun der Aktivitéit ofleeft, di also weder geimpft géint de Covid-19 nach geheelt vum Covid-19 sinn.
- Wann een vun den Corona Schnelltester am Laf vun der Aktivitéit positiv ass, muss dës ofgebrach ginn.
- Participanten an Encadranten müssen eng "déclaration sur honneur" ausfüllen, an dëser gi si un dat se weder Symptomer hunn nach wesentlech a Kontakt mat enger Persoun waren di positiv op de SARS COV-2 getest gouf.

### 5. Aktivitéiten am Ausland

All d'Aktivitéiten di am Ausland stattfannen, mat oder ouni Iwwernuechtung, müssen am Respekt vun de jeeweilegen Mesuren vum Land stattfannen.

## **6. Dagesaktivitéiten, Spiller, Fräizäit:**

Am allgemengen gëllt dat Aktivitéiten, Spiller a Fräizäit wa méiglech baussen ofgehalen ginn.

Et soll évitéiert ginn Material tëscht Persounen weider ze ginn oder ze tauschen.

## **7. Formatiounen a Konferenzen:**

Et dierfen maximal souvill Persounen un der Formatioun/der Konferenz deelhuefen wi an de Sall passen. Dobäi gëllen folgend Richtlinnen:

- Bis 10 Leit kënnen an engem Sall ouni Mask an ouni Distanz sinn.
- Ab 11 Leit am Raum gëllt eng Maskepflicht an eng Distanz vun 2m, oder e Covid-Check.

## **8. Iessen, Kachen:**

Beim Kachen a bei der Lagerung vun lesswueren muss sech un déi allgemeng HACCP-Virschräfte gehale ginn.

Benotzte Kichematerial, Iessbesteck a.s.w. mussen an der Spullmaschinn oder mat waarme Waasser a Spullmëttel gespullt ginn.

D'Arbeitsflächen an de Kichen an d'Iessdëscher mussen no all Benotzung propper gemaach an/oder desinfizéiert ginn.

## **9. Hänn Wäschen / Desinfizéieren:**

Et muss ee sech regelméisseg (tëschent den Aktivitéiten, virum Iessen...) seng Hänn wäschen oder desinfizéieren.

D'Encadrantën sollen d'Participanten regelméisseg dorun erënneren.

Déi néideg Produiten mussen dofir vum Gérant vun der Infrastruktur zur Verfügung gestallt ginn, fält op dass eppes feelt ass et um Responsabelen dëst ze mellen an och ze kontrolléieren dass et geliewert gëtt.

## **10. Infrastrukturen :**

Bei all Infrastruktur gëlle spezifesch Regeln wat d'Benotze vun de Reim ugeet (z.B: maximal Zuel vu Leit an engem Sall, ...). Dës Regeln sinn esou, datt d'sanitäre Konzept ëmgesat ka ginn.

Dës Regele mussen deem ganze Grupp bekannt sinn an déi Responsabelen passen op dass sech dru gehale gëtt.

## **11. Botzen:**

D'Infrastrukturen mussen all Dag gebotzt ginn. D'Sanitäre an d'Points de contactën mussen regelméisseg (op mannst eemol den Dag) gebotzt oder desinfizéiert ginn.

Op de Grupp selwer oder eng Botzfirma botzt muss am Virus festgeluecht ginn. Soll de Grupp selwer botzen müssen déi dofir néideg Produiten vum Gérard vum der Infrastruktur zur Verfügung gestallt ginn.

Déi Responsabel hunn ze iwwerpräiwen dass de Botzplang agehalen gëtt.

## **12. Lëften, Ventilatioun:**

All benotzte Raim musse regelméisseg gelëft ginn.

Goufe Fënsteren esou entriegelt dass een se grouss kann opmaachen, dierf dat just ënner Opsiicht vun engem Erwuessenen geschéien.

Baussendiere vu Gebaier dierfe fir ze Lëften blockéiert ginn, Bannendieren mat engem automateschen Türschliesser dierfen grondsätzlech net blockéiert ginn.

## **13. Verdacht Covid 19:**

Weist eng Persoun Symptomer muss dës Persoun vum Grupp isoléiert ginn an vum Site ofgeholl ginn. Bis déi Persoun ofgeholl gëtt muss se an engem dofir virgesinne Raum waarden.

All Virfall muss direkt der Uspriechpersoun beim SNJ gemellt ginn.

## **14. Tracing:**

Fir den Retracage ze vereinfache muss all Grupp eng Lëscht ausfëlle mat de Nimm an den Donnéeë vun alle Participanten. Dës Lëscht muss de Responsablen un den SNJ schécken. D' Lëschte vun de Gruppe gi vertraulich fir 15 Deeg gehalen an duerno zerstéiert.

Zousätzlech sollt den Organisateur sech folgend Saachen notéieren:

- Wéi vill Participanten sinn do a wei sinn se an Ënner Gruppen agedeelt?
- Wéi eng Leit schlafen zesummen an engem Dortoir/Zelt?
- Wéi eng Leit iessen um selwechten Dësch?

## **15. Affichage:**

Affiche fir ze sensibiliséieren (Gestes barrières, richteg Hänn wäschen..) sinn um ganze Site ausgehaangen.

## **16. Personal SNJ :**

D'Personal vum SNJ kennt d'Concept sanitaire an ass sensibiliséiert op d'Anhalen opzepassen.

## **17. FAQ SNJ-Zentren:**

Fir all Zenter vum SNJ besteet een FAQ an deem déi konkret Ëmsetzung vun de Mesuren beschriww gëtt.